# Firwat schreift den Dicks ebemol op Däitsch?

## En Interview mat der Madame Germaine Goetzinger, Direktesch vum Literaturarchiv zu Miersch

*forum: Madame Goetzinger, wat mécht haut fir de Lieser nach de Reiz vum Dicks aus? Wat kann een nach aus sengen Texter schöpfen?*

Germaine Goetzinger: Schöpfen ass e grousst Wuert. Dem Dicks seng Texter – wa mer elo seng Theaterstécker huelen, well hien huet jo och ganz dréchen Texter geschriwwen – si lëschteg souwuel deemools wéi haut. Dat ass ee vun de Reizer, déi vum Dicks sengem Theater ausginn. Si weisen awer och eng Kontrastfolie zu deem, wéi et haut ass. Dat heescht, et kann ee sech z. B. d'Entwécklung am Geschlechterverhältnis ukucken, wéi et deemools op d'Bühn bruecht ginn ass, wat jo e Reflet vun der Wierklechkeet vun deemools wor, a wéi dat sech haut entwéckelt huet. Et sinn also Texter, déi sozial-historesch vun enger grousser Relevanz sinn a virun allem als solch intressant.

*Ganz allgemeng gefrot: Wat fir eng Relevanz hunn dem Dicks seng Wierker fir déi lëtzebuergesch Literaturgeschicht?*

G. G.: Den Dicks ass deen, dee fir d'éischt Theaterstécker an der lëtzebuergescher Sprooch op d'Bühn bruecht a publizéiert huet. Dat war bis dohinner net de Fall. Allgemeng waren nach net vill Texter op Lëtzebuergesch publizéiert ginn. Och dem Dicks seng Lidder waren immens populär. Hie war eigentlech als Komponist oder Liddermécher bekannt, ier hien sech als Theaterauteur e Numm gemach huet. Dat ass schon e grousse Schrëtt Richtung Nationalliteratur, wann een dëse Begrëff wëll gebrauchen. Datt elo Texter op lëtzebuergesch op d'Bühn bruecht goufen an eng grouss Resonanz fonnt hunn, mierkt een och un den Zeitungskritiken vun däer Zäit. De Philippe Funck schreiwt am *Courrier du Grand-Duché,* hie wär stolz gewiescht an hätt eppes wéi „un véritable petit bonheur national" gespuert. Och d'*Trier'sche Zeitung* huet sech Gedanke gemach, firwat zu Lëtzebuerg d'Sprooch erhale blouw, während si och emol eng ganz ähnlech Sprooch haten, déi et awer elo net méi gëtt.

**Mir wollten net higoen an den Dicks weiderhin op e Sockel stellen, ehrfürchteg virun him nidderknéien, mä wierklech probéieren, sachlech de Personnage ze erfaassen a senger Zäit an a senger Wierkungsgeschicht.**

Dee Moment fannen d'Leit sech an hirer Sprooch op der Bühn erëm, an den Dicks léisst zum Schluss vu sengem éischte Stéck, dem *Scholtscheîn,* d'Marĕ op de Proscenium goen an direkt zum Public schwätzen – eigentlech eng ganz modern Form vun Theater.

*Huolt ons alt nét ze strèng erduréch.*
*Ze scharef kritizĕert nét*
*Dât ĕscht Stéck, wât zu Letzeburéch*
*Op onnst Dêitsch opgefert gét.*
*Mè hâ' dîr flêicht èng Gretz Plesĕer –*
*Ewĕ mîr et ze hoffe wo'n –*
*Dan as et nét fir d'lèschte Kĕer,*
*Das mîr îech gudden Owent so'n.*

Et ass eng schéi Kommunikatioun mam Public; et besteet e Konsens, datt d'Leit och gären Texter op lëtzebuergesch op der Bühn hätten. Wat se bis dohinner gebuede kritt hunn, waren éischter ganz moer Stécker vu Wanderbühnen.

*Et ass och schued, datt deemools nach keng Fraen duerften Theater a Lëtzbuerger Veräiner spillen.*

G. G.: Natierlech ass dat schued. Di meescht Leit wëssen net, datt all d'Rolle vu Männer gespillt goufen. Den Dicks selwer, dat ass beluecht, wär frou gewiescht, wann d'gesellschaftlech Konventioune Lëtzebuerger Fraen op der Bühn zougelooss hätten. Hien huet dat net méi erlieft, oder net méi bewosst. Et existéiert awer eng Theaterkritik iwwer *Den Här an d'Madame Tullepant* 1886 zu Dikrech, wou Frae musse matgespillt hunn, well de Rezensent schreift, de jonke Männer wär quasi d'Häerz am Leif geplatzt, wou se déi schéi Sporanstëmm op der Bühn héieren hätten. Eréischt wou den Dicks dout war, huet d'*Union dramatique* fir d'éischt Fraen op d'Bühn geholl. Just déi auslännesch Wanderbühnen hate bos dohinn Fraen derbei. D'Lëtzebuerger Theaterveräiner hunn et net gewot, dat hat mat de Moralvirstellungen ze dinn. Eng Schauspillerin ass deemools als net

ganz moralesch oder als liichtlieweg ugesi ginn.

*Dir sot op RTL, datt den Dicks e gudde Beobachter vun der Gesellschaft war. Wéi kann een dat u senge Wierker festmaachen?*


G. G.: U senge Charakterzeechnunge vun de Leit, déi hien op d'Bühn bréngt. Intressant beim Dicks sengen Theaterstécker ass, datt et zweeërlee Personnage gëtt. Déi eng hunn Nimm, déi scho gewëssermoossen op hire Charakter hindeiten: de Papschossel, oder den Hexentommes, de Sprochmates. Hie gëtt ëmmer de Sproochmates genannt, nee, et ass de Sprochmates, well e permanent a Spréchwierder schwätzt. Déi sympathesch, oft jonk Personnagen hunn normal Nimm. Da. mécht den Dicks och de Geck mat de Franséischsproochegen, mat der Roll, déi d'Franséischt hei zu Lëtzebuerg spillt, datt d'Leit sech gewëssermoosse franséisch Sazbriben uneegenen, fir sech selwer opzewäerten.

Den Dicks beobacht a beschreift de Leit hier Schwächten. Hien entlarvt an *Op der Juôcht,* wéi déi fein Hären aus der Stad sech opféieren, wann se um Land op d'Juegd ginn. Da weist en, wéi Mariage geschloss ginn, wéi d'Leit net zréckschrecken, fir aus Berechnung iergend e Mariage anzegoen, fir u Geld oder Terrainën ze kommen. An däer Hisiicht ass den Dicks een, deen eigentlech op d'Recht vun de jonke Leit op sexuell Erfëllung an op de Choix vun hire Partenairen hiweist, wat déi Zäit absolut net selbstverständlech war.

*2002 huet den CNL eng Ausstellung iwwert en aanere groussen Auteur aus dem 19. Jorhonnert, de Michel Rodange, organiséiert. Kënnt Dir ons kuerz eppes zur traditioneller Géintiwwerstellung vu Rodange an Dicks soen?*

G. G.: Den Dicks hat e risege Succès an hien ass net iergendeen. Hien ass de Jong vum Gouverneur a gehéiert also zur Uewerschicht. Säi ganzen Habitus ass dee vun engem Notablen, während de Rodange en arme Schlucker war, deen an d'Normalschoul gaang ass a Schoulmeeschter gouf. Dem Rodange säi *Renert* ass net verkaf ginn, bis zu sengem Doud nëmmen eng honnert Bicher. Firwat? Natierlech well hien d'Gesellschaft kritesch hannerfrot huet a verschidde Leit ferm op d'Zéiwe getréppelt ass. Si hunn hien einfach verschwigen bzw. doutgeschwigen. Wie positiv Kritike kritt, ass frou. Bei negative Rezensiounen ass den Auteur vläit net frou, mä hien ass op d'mannst rezipéiert ginn, et ass sech mat him ausernaner gesat ginn. Mä en Auteur, iwwert deen iwwerhaapt kee Wuert verluer gëtt, dat ass dat Schlëmmst, wat engem ka passéieren.

Beim Dicks ass et esou, datt hien um Ufank héich gelueft ginn ass, vill Leit si seng Stécker kucke gaang, dowéinst si souguer d'Paarte vun der Stad owes opbliwwen.Wéi awer 14 Joer méi spéit de Stader Theater ageweit gëtt, do ass am offizielle Programm kee lëtzebuergescht Stéck a kee Stéck vum Dicks dobäi, an dat hätt sech jo awer ugebueden. Wann en Auteur esou gelueft gëtt an eng



Pionnéiertat vollbruecht huet, an et ass d'*Gym,* déi do spillt, déi Theatertrupp, wou den Dicks Member war, da freet een sech, wat do lass war. Ausserdeem gëtt et e Concert mat patriotesche Motiven a Melodien, mee ouni Dicks. Dobäi sinn d'Lidder vum Dicks nach ëmmer gesonge ginn. „Ach du mäin am Kamäin" oder „Gëff mer eng Bees, gëff mer eng Bees fir mat op d'Rees" hate quasi de Status vu Volléksliddег. Wat ass do geschitt? Firwat ass am offiziellen Diskurs den Dicks tabu? Hie gouf zwar nach doruechter vu lokale Bühne gespillt, awer net méi op den offizielle Bühnen an der Stad. An da schreift hien d'*Mumm Séis* op Däitsch, déi spéider an der Stad gespillt gëtt, mä et si kaum Spectateuren do. D'Stéck ass ze spéit ugekënnegt ginn, an der Stad ware Baler. Hie schreift en zweet' Stéck op däitsch *Siegfried,* dat awer och weider kee Succès huet. Firwat op eng Kéier op Däitsch? Do muss et Problemer, Konflikter gi sinn. Dat heescht, den Dicks, obschonns hien de Jong vum Gouverneur ass an aus dem Notablemilieu kennt, gouf op séng Manéier genau esou marginaliséiert wéi de Rodange.

*Wéi ass d'Konzept vun der Ausstellung entstanen? Dir hutt jo zwee Joer recherchéiert an Archiven, bei der Famill an hutt aus engem risege Fundus kenne schöpfen.*

G. G.: Sou eng Ausstellung huet eng Virlafzäit vun zwee Joer, wou ee sech op d'Sich no Material mécht. Véier Leit hunn drop geschafft: de Roger Muller, d'Nicole Sahl, d'Josiane Weber an ech selwer. Mir hunn en Opruff an der Zeitung an um Radio gemaach, de Kontakt zur Famill gesicht a souguer Saachen op enger Stee zu Léck kaaft. Dat ganzt Material hu mer duerchgekuckt, jiddereen huet no senge Schwéierpunkten an no sengem Intérêt weider Recherche gemaach. Mir hunn dann den Input an de Grupp bruecht, diskutéiert, gemeinsam ausgewäert, weider Schrëtt beschloss an d'Konzept vun der Ausstellung opgestallt.

Eis Ausstellungen hu bal ëmmer fënnef Deeler, bedingt duerch d'Reimlechkeeten vum Servaishaus. Mir hunn natierlech d'Theaterstécker an de mëttelste Sall gestallt. A well et net nëmmen Theaterstécker ënnert dem Pseudonym Dicks gëtt, mä hien och ënnert sengem biergerlechen Numm Edmond de la Fontaine volkskundlech a sproochwëssenschaftlech Schrëfte verfaasst huet, hu mir och e Raum zu deem Themenkomplex ageriicht. Mir hätten och chronologesch kéinte virgoen, mir hunn awer gemengt, et wier wuel esou intressant, d'Liewen vum Wierk ze trennen, fir datt d'Wierk méi an de Mëttelpunkt réckelt.

Mir hunn also am 1. Raum d'Kandheet an d'Jugend, de sozial-historeschen Hannergrond, a mir hu mat deem Wierk opgehalen, mat dem e schlagaartег bekannt ginn ass: d'*Vulleparlament am Grengewald.* Mat de Mëttele vun der Satire, wéi hien se wahrscheinlech während sengem Jurastudium an Däitschland kennegeléiert huet, huet hie versicht, säi Papp ze verdeedegen, deen Orangist war, d.h. trei zum Kinnek vun Holland stoung. Dat ass awer net gutt ausgaang, a säi Papp huet missen zrécktrieden. Am 2. Raum weise mer seng beruffflech Carrière, déi iwwer Affekot, Ersatz-Friddensriichter a Chef de bureau bei der Eisebunn op Réimech féiert, wou hien eng Fabrik gegrënnt huet, déi awer net reusséiert huet. Dunn huet en eng ganz Zäit op de Rente gelieft, wéi säi Verméigen opgebraucht war, ass e Friddensriichter zu Veiane ginn. Den Dicks ass en ambivalente Personnage:

engersäits duerch seng Herkunft, déi eng aner Carrière eigentlech virausgesot hätt, anerersäits war hien net erfollegreich a sengem Beruffsliewen, awer mat sengen Theaterstécker – en „erfolgreiche Versager“, fir op de Romain Hilgert zréckzegräifen. Da kommen am 3. Raum d’Theater- an d’Musékstécker, am 4. Raum dat ethnologescht, volkskundlecht Wierk an am leschte Raum d’Rezeptioun vum Dicks vum d’Dicks-Lentz-Denkmal an der Stad iwwer den Dicks-Goart zu Veianen bis zur Dicksvermarktung vun haut z. b. als Reklam fir Wäin..


Mir wollten net higoen an den Dicks weiderhin op e Sockel stellen, ehrfürchteg virun him nidderknéien, mä wierklech probéieren, sachlech de Personnage ze erfaassen a senger Zäit an a senger Wierkungsgeschicht. Et ass nun emol e Personnage mat Widdersprèch. Een deen sech Dicks nennt fir seng Theaterstécker, dat ass een, deen sech och selwer op den Aarm hëllt, deen Distanz zu deem eeschte Kulturbetrieb huet.

*Hunn d’Recherche fir d’Ausstellung nei Erkenntnisser fir d’Dicksfuerschung bruecht?*

G. G.: Mir hu verschidden nei Saache erausfonnt, iwwer déi mer ganz frou sinn. Mir konnten z. B. zu Léck e handschrëftlechen Reimlexikon vum Dicks steeën. Mir konnte richtegstellen, datt den Dicks net Grënnungsmember vun der *Gym* war, mä eréischt no der Opféierung vum *Scholtscheîn* säin Antrag op Memberschaft gestallt huet, dass awer d’Veräinswiesen eng wichteg Roll fir seng kulturell Sozialisatioun gespillt huet. D’Tatsaach, datt e bei der Bunn war, ass ganz wéineg bekannt. Mir hunn och erausfonnt, datt hien zu Veianen an d’Gemengepolitik wollt goen. Dat sinn eenzel Elementer, déi hëllefen d’Gesamtbild méi ofzeronnen. Dat wat mir virun allem gemach hunn ass, datt mer net an Ehrfurcht erstarrt sinn, mä och déi Saachen an d’Ausstellung bruecht hunn, déi den Dicks als méi e problematesche Personnage erschénge loossen.

*Dem Claude Mangen säi Stéck* Schold a Schäin *stellt den Dicks als en ambivalenten, fréi gebrachene Mënsch an Aussesäiter duer. Wéi gesäit een dat a senge Stécker?*

G. G.: An de Stécker hunn ech Schwieregkeeten, dat ëremzefannen. *Op der Juôcht,* dat net an der Stad spillt an an deem hien d’Stader Bourgeoisie ugräift, ass méiglecherweis eng Reaktioun op seng Ausgrenzung, datt hien net méi op den offizielle Bühne gespillt gouf. E Mënsch, deen eng Fabrik ugefaangen huet an herno alles huet misse verkafen, dat si Schicksalsschléi, déi een net esou liicht ewechstécht. Fir herno zum Schluss vu senger Carrière zu Veianen als klenge Friddensriichter nei unzefänken, dat ass net evident. An e muss Geldproblemer gehat hunn. Datt dat alles sech op eng Persoun auswierkt a sie doduerch gebrach ka ginn, dat versteet een. Awer dat elo u sengen Texter ofzeliesen, dat kann ech net.




© CNL

Et gëtt vläicht een Hiweis am Wierk an zwar, datt hien als gefeierten Auteur vum Lëtzebuerger Theater zum Schluss op Däitsch schreift. Firwat iwwersetzt hien d’*Mumm Séis* op Däitsch? An der Zeitung stong, d’Stéck wär och am Ausland opgefouert ginn, mir hunn awer keng Preuve fonnt, vläit war dat och just en Trick, fir sech selwer opzewäerten. D’Tatsaach, datt hien herno op Däitsch schreift, weist, datt et iergendwou e Problem mat der Akzeptanz vu sengen Theaterstécker oder mat him als Persoun gouf.

*Gëtt den Dicks haut iwwerhaapt nach an der Schoul traitéiert an ass lëtzebuergesch Literatur nach en Thema?*

G. G.: De Problem ass deen, datt et an eiser Schoul allgemeng net genuch Platz fir lëtzebuergesch Kultur, Literatur, Geschicht, Musek asw. gëtt. Vläit kënnt den Dicks relativ gutt ewech, wahrscheinlech awer net. Mir wären natierlech frou a mir schaffen dorunn, datt Lëtzebuerg eng méi staark Roll am Enseignement kritt. Ech fannen et skandaléis, dass Texter vum Guy Helminger an Däitschland Abiturtexter sinn a bei eis net am Däitschunterrecht gelies ginn. D’Fächer Däitsch an Franséisch kéinten och en Deel vun der Lëtzebuerger Kultur mathuelen. Mir hunn hei am Haus oft Stagiairen a Studenten, deenen d’Aen aus dem Kapp falen, wa se gesinn, wat et alles am Beräich Lëtzebuerger Kultur gëtt. Ech menge schon, datt bei de Schüler de Besoin do ass, ze verstoen, wat Lëtzebuerg ass, an do bitt d’Kultur Modeller an Interpretatiounsméiglechkeeten. Mir giffen eis och wënschen, datt méi Klassen an d’Ausstellung kommen, mä den Undrang hält sech a Grenzen. Dat ass schued.

*Wat fir e Kaméidistéck vum Dicks gefällt Iech am beschten a firwat gifft Dir dëst de Lieser recommandéieren?*

G. G.: Ech fannen dat éischt Stéck *Scholtscheîn* ganz flott an ofgeronnt. Fir mech ass et interessant, well do e.a. de Mariage thematiséiert gëtt, well den Dicks weist, wéi staark d’Geld dat perséinlecht Liewe vun de Leit beaflosst oder an eng falsch Richtung drängt, well et en Theaterstéck ass, dat sech flott op der Bühn presentéiert, well een e Personnage wéi de Papschossel huet, iwwert déi ee gutt ka laachen. Dat ass jo eng vum Dicks sengen Techniken, datt ee ka schadenfroh sinn, wann z.B. de geckegen ale Freier entlarvt gëtt, well hie mengt, hie kéint sech nach e jonkt Dickelchen erunzéien. Di meescht Bühnen doen sech allerdéngs schwéier, sech un den Dicks erunzewoen oder si wëllen onbedengt moderniséieren bzw. aktualiséieren. Et gëtt awer nach eng Theatertrupp, déi vill Dicks opféiert: de Weeltzer Gesang. Déi hu wierklech eng Traditioun vum Dickstheater. Dëst Joer stong *Den Här an d’Madam Tullepant* um Programm. Sie bidden zum Ofschloss vun der Ausstellung, de 27. an den 28. Mäerz en traditionellen Dicks-Programm, op deen ech Iech haut schon alueden.

*Villmools Merci fir dëst Gespréich.* ◆

*(17.11.2009/KF/LH)*

D’Ausstellung iwwert den Dicks am CNL zu Miersch ass nach bis den 28. März 2010 ze gesinn (méindes bis freides 10-18 Auer). Doniewt sinn e reich bebillerte Katalog (25 Euro) sowéi eng CD (15 Euro) erschéngen.
www.cnl.public.lu